N° 7364
Entrée le 17.01.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Le Ministre des Communications
et des Médias

**Äntwert vum Här Kommunikatiouns- a Medieminister, Xavier BETTEL, a vum Här Aussen- an Europaminister, Jean ASSELBORN, op d'parlamentaresch Fro n°7364 vum 13. Dezember 2022 vun den honorabelen Deputéierte Sven CLEMENT a Marc GOERGEN zum Sujet "Diffusion directe ou indirecte de chaînes sanctionnées"**

- D'Regierung setzt sech fir eng robust, effizient an um Europäesche Niveau enk koordinéiert Ëmsetzung vun de Sanktioune an. Zanter Ufank u steet sie an enkem Kontakt mat der SES fir eng koherent Implementatioun vun den Sanktiounen ze garantéieren. Bei deenen zwee Fäll an deenen sanktionéiert Sender op SES Satellitten net konnten direkt ofgeschalt ginn, handelt et sech em isoléiert Fäll wou d'SES aus techneschen a rechtleche Grënn net konnt selwer direkt agéieren. Des Sender hu keen direkte Kontrakt mat der SES, mee mat der SES hire Client'en déi net an Europa baséiert sinn. Technesch gesinn huet d'SES keng Méiglechkeet déi sanktionéiert Sender eenzel ofzeschalten.
- D'Lëtzebuerger Autoritéiten stin vun Ufank un an engem stännegen Dialog mat den kompetenten Servicer vun der EU Kommissioun fir rechtlech Froen ze klären wéi och politesch Implicatiounen ofzeweien.
- Esoubal wéi am März Sanktiounen verhaange gi sinn, huet d'SES direkt agéiert an déi concernéiert Sender vun den Satelliten iwwert Europa geholl. Doriwwer eraus, huet d'SES och alles gemaach fir ukrainesche Sender och nom Ausbroch vum Konflikt weider verdeelen ze kennen z.B. nodeems Uplink Statiounen zerstéiert gi sinn. D'SES huet och ukrainesch Sender zousätzlech op hirer Positioun 19.2° opgeholl, déi Nouvellen an Kannerprogrammer ausstrahlen fir Ukrainer déi an Europa sinn.
- Zu kengem Ament gouf et en Zweifel um Wëllen vun der SES Sanktiounen ëmzesetzen. Den ablécklechen Dialog mat der EU Kommissioun soll hëllefen ze klären wéi d'EU Sanktiounen an dëse spezifesche Fäll vun EU-Satellittebedreiwer sollen an enger koherenter an effikasser Aart a Weis ëmgesat gi.
- An den Ae vun der Regierung besteet also kee Risiko, dass d'SES wéinst Net-Anhale vun den Sanktiounen kéint gestrooft ginn.
- Eventuell finanziell Käschten, déi duerch d 'Ëmsetzen vun Sanktioune géifen entstoen, sinn net entscheedend - weder fir d'Regierung nach fir d'SES.
- De Message, dass d'SES d'Sanktiounen wëllt a muss ëmsetzen ass kloer un déi Entitéiten, déi des Sender kennen ofschalten, kommunizéiert ginn. Och an dësem Kader sinn d'Regierung, d'SES an d'EU Kommissioun am Kontakt, fir eng juristesch a politesch korrekt Léisung fir d'Ëmsetzen vun den Sanktiounen ze fannen.

Lëtzebuerg, den 17. Januar 2023
De Kommunikatiouns – a Medieminister
(s.) Xavier Bettel